ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 29/10/2023

Verkéierskommissioun vum 25/10/2023

Presenzen

Present	Net present
Eich Nico, Scholtes Luc, Edert Rick, Reding Marc, Fernandes José (Sekretär), Huberty Laurent, Bausch Pele, Wampach Sandra, Amaral Tun, Kieffer Aloyse	Sadler Marie(entschëllegt)

Ufank 20h00

Punkt 1: Presenzlëscht

- Den Quorum fir d'Versammlung kënnen oofzehalen ass ereecht
- Déi eenzel Memberen stellen sëch kuerz vir

Punkt 2: Nominatiounen

- Président: ët gët 1 Kandidatur fir den Posten vum Président: José Fernandes. Kandidatur gët eenstëmmeg ugeholl
- Vizeprésident: ët gët 1 Kandidatur fir den Posten vum Vizeprésident: Rick Edert. Kandidatur gët eenstëmmeg ugeholl
- Sekretär: ët gët 1 Kandidatur fir den Posten vum Sekretär: Marie Sadler. Kandidatur gët eenstëmmeg ugeholl

Punkt 3: ROI

- Den ROI ass een Gemengenreglement, deen vum Conseil gestëmmt gët. Deen am moment en vigueur ass, muss nach fir d'éischt mat den Nimm an den neien Kommissiounen ugepasst gin, fir duerno am Conseil gestëmmt ze gin.
- Eng remarque gët ët zum Punkt F. am Satz:

Helperknapp, 29/10/2023

"Le rapport, approuvé et renvoyé par le secrétariat communal aux membres de la commission, est approuvé par la majorité des membres de la commission lors de la prochaine réunion officielle."

An der läschter Législaturperiod ass dat nii geschitt. Et ass nii eng Bestätigung vum Secretariat un d'Kommissioun zeréck kom an ët wier méi ubruecht ze schreiwen:

"En absence de remarques ou bien contestations de la part du secrétariat communal, le rapport est approuvé par la majorité des membres de la commission lors de la prochaine réunion officielle."

Punkt 4: Verkéiersreglement Gemeng Helperknapp

- FJ gët Explicatiounen zum Verkéiersreglement. D'Reglement ass an 2 Deeler agedeelt:
    1) Définitioun vun den Verkéiersschëlder
    2) Dispositioun vun den Verkéiersschëlder: a) bannend den Dierfer
       b) baussend den Dierfer
- D'Verkéiersreglement ass am Joer 2023 a Kraaft getrueden. No der Fusioun sin déi 2 bestehend Reglementer an 1 neit Reglement, mat den läschten Upassungen ëmgeschriwen gin. D'Verkéiersreglement gët am Conseil gestëmmt a muss duerno nach vum Ministère approuvéiert gin. Réischt dann trëtt ët an Kraaft. All Ännerungen gin duerno duerch Amendementer zum Reglement ugepasst. Zum Reglement gin ët mettlerweil 2 Amendementer, déi vum Conseil schon gestëmmt sin, mee nach vum Ministère mussen approuvéiert gin.
- Den Schäffenrot, zesummen mam Conseil, huet och d'Méiglegkeet een "Règlement de circulation d'urgence" auszestellen, deen dann direkt an Kraaft trëtt. Dës Reglementer sin meechtens an der Zäit begrentzt.
- D'Verkéierskommissioun soll, wann méiglech, all Annomalien, Feeler oder onlogesch Sachen, par rapport zum Reglement, dem Schäffenrot matdeelen.

Punkt 5: Sëcheren Schoulwee

- FJ deelt der Kommissioun mat datt een bureau d'études beoptracht gin ass, all d'Busarrêten an der Gemeng ze iwerpréiwen fir déi Konform a scher ze gestallten. Do ass een Rapport an der Maach an d'Kommissioun kritt deen dann fir een Avis oofzegin.
- Verschidden geféierlech Plaatzen sin vun den Memberen opgelëscht gin:

Helperknapp, 29/10/2023

- Rue de Buschdorf (CR112) bei der Hausnummer 6, wou den Wee fir op den Schoulcampus ass. Ëmmer méi Autoen parken do op deenen 2 Säiten vun der Stroos fir hier Kanner erauszeloossen. Méi grouss Gefierer hun Probleemer fir laanscht ze fueren (RGTR Bussen) an mussen am Zickzack laanscht d'autoen fueren.

- Zu Bëschdrëf an Uerbech ass op Plaatzen den Trottoir op der selwechter héicht ewéi d'Stroos, wat geféierlech fir d'Fousgänger ass, well d'Autoen oft driwer fueren

Helperknapp, 29/10/2023

- Am allgemengen ass an der Versammlung nach erwähnt gin datt an der ganzer Gemeng d'Trottoiren nach missten Konform gesaat gin.

Punkt 6: Verschiddenes

- Falls d'Kommissioun eng Visite misst machen fir sech eppes unzekucken, hinnen den Minibus vun der Gemeng dann zur Verfügung steet.
- Bour N12: d'Vitesse ass do op 70 limitéiert. Ab der Limitatioun bis bei den Zebrasträifen ass eng kuerz Distanz esou datt d'Fro opkomm ass, op déi Limitatioun nët nach ze héich ass.
- CR116 Buschdorf – Openthalt: d'Stroos ass an engem ganz schlechten Zoustand an zimmlech enk. Ass ganz geféierlech. Ët geschéien och reegelméisseg Akzidenter.
- Chemin "Sëllerwee", Buschdorf – N12: vill befueren Stréck, zanter den P&R zu Schweebech op ass. D'Stroos ass enk an d'Vitesslimitatioun vun 90 ass ze héich.

Helperknapp, 29/10/2023

- Busarrêt um Openthalt: ass einfach op der Stroos ouni Trottoir

- Bill CR115: d'Vitesslimitatioun ass 90. Ass awer eng oniwersiichteg Plaatz an ët circuléieren ëmmer méi Leit zu Fous do. D'Limitatioun misst eroofgesat gin.

Helperknapp, 29/10/2023

- Kräizung rue de Keispelt – CR102: Ass ganz oniwersiichteg an geféierlech. Läit nët méi an eiser Gemeng, mee vill Awunner aus eiser Gemeng befueren dës Stroos. D'P&CH misst do eppes ënnerhuelen. D'Limitatioun eroofsetzen, eventuel een Spigel hinsetzen, asw...

- Den RGTR Réseau an eiser Gemeng misst nach eemol genau duerchgekuckt gin. Verschidden Dierfer hun ganz schlecht Verbindungen. D'Kommissioun kuckt sëch déi Sach eng kéier un, fir dann Verbesserungen firzeschloen.
- Nächst Versammlung: Méindeg den 08/01/2024 um 20h00.

Enn 22h00